N°4655
Entrée le 20.08.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.08.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/08/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

D'BIL ass eng systemrelevant Bank. Mat der Externalisatioun vun hire kriteschen IT-Funktioune ginn dës Funktioune vun engem Prestataire iwwerholl, deen zu engem amerikanesche Grupp gehéiert. No de Presseberichter zielt d'Kyndryl Luxembourg bis elo ronn 200 Salariéen, sou datt den Transfert vun der BIL bal 70 Prozent vun dësen Effektiver duerstellt.

Den Encadrement vun esou Externalisatioune gëtt ënner anerem duerch d'Circulaire CSSF 22/806 an duerch d'Reglement (EU) 2022/2554 (DORA) gereegelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass eng Notifikatioun oder eng Autorisatioun vun der CSSF néideg, wann eng Bank hir kritesch IT-Funktiounen extern vergëtt? Wéi eng Krittäre leet d'CSSF an esou engem Fall un?
2. Wéi bewäert d'Regierung de Konzentratiounsrisiko, wa méi Instituter vun der Lëtzebuerger Finanzplaz hir kritesch IT-Funktiounen un dee selwechte Prestataire iwwerdroen? Gëtt et eng Iwwersiicht doriwwer, wéi vill vun de kriteschen IT-Funktioune vun der Finanzplaz un eng kleng Zuel vun externe Prestataire ausgelagert sinn?
3. Wéi ass d'Beruffsgeheimnis am Sënn vum Artikel 41 vum Gesetz vum 5. Abrëll 1993 iwwer de Finanzsecteur garantéiert, wann Deeler vun der Leeschtung duerch Sous-traitanten ausserhalb vun der Europäescher Unioun erbruecht ginn?
4. Huet d'Opsiicht en direkten Zougangs- a Kontrollrecht bei de Sous-traitante vun engem Prestataire,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

och wann se an engem Drëttland sinn? Gouf dëst Recht an de leschte Joren och effektiv ausgeüübt?

5. Wéi bewäert d'Regierung de Risiko vun enger extraterritorialer Uwendung vum amerikaneschen CLOUD Act op Donnéeë vun enger systemrelevanter Lëtzebuerger Bank, déi vun engem Prestataire mat amerikanescher Mammegesellschaft verwalt ginn?

6. Gesäit d'Regierung an dëser Entwécklung e Risiko fir déi digital Souveränitéit vun der Lëtzebuerger Finanzplaz, an huet si vir, e Kader oder eng Strategie fir d'Erhale vu kriteschen IT-Kompetenzen am Land opzestellen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten